



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

REÇU

Par Alf Christian , 14:40, 26/05/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 832x122de

Luxembourg, le 26 mai 2020

Concerne : Question parlementaire n° 2254 du 20 mai 2020 de Monsieur le Député Sven Clement concernant les contrôles douaniers

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA



Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, a vun der Justizministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Ufro N°2254 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement iwwert d'Kontrollen vun der Douane

D'Froen aus der Question parlementaire N°2148 vum honorabelen Deputéierten, sinn mat den Äntwerten op d'Fro n°2074 vum 22. Abrëll 2020 vum honorabelen Députéierten Léon Gloden an d'Fro n°2148 vum 6. Mee 2020 vum honorabelen Députéierten selwer beäntwert.

D'Informatiounen vum Deputéierten sinn net ganz richtig. D'Direktioun vun der Douane huet den 20te Mee den Uerder ginn, déi perséinlech Donnéeën ze läschen, sou wéi dat vum RGPD virgesinn ass, net awer d'Statistiken, déi iwweregens och an der Äntwert op d'Fro n°2074 vum 22. Abrëll 2020 vum honorabelen Députéierten Léon Gloden genannt ginn.

Wat d'Fro no der «*entrave à la justice*» betrëfft, sou ass ervir ze hiewen, dass d'Appreciatioun, ob d'Suppriméiere vun de betraffenen Donnéeën an dësem Fall eng «*entrave à la justice*» am Sënn vum Artikel 141 vum Code pénal duerstellt oder net, ganz eleng an der Zoustännegkeet vun den Geriichter läit. Opgrond vun der Gewaltentrennung (*séparation des pouvoirs*) géif dowéinst all Aschätzung zu där Fro vu säite vun der Justizministesch eng onzoulässeg Amëschung hirersäits an d'Aarbecht vun de Geriichter duerstellen.